ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg gëtt, grad ewéi an anere Länner, scho mat de Covid-Impfstoffer vu Biontech/Pfizer a Moderna geimpft. Enn dës Mounts soll warscheinlech och dee vun AstraZeneca op de Maart kommen. **De Coordinateur Attaché à la Direction beim Gesondheetsministère huet RTL erkläert: „Am Moment gëtt et keng Indikatioun, dass de deen een oder anere solls kréien a logistesch gesinn ass dat natierlech och méi e groussen Opwand woufir dat am Moment net gemaach gëtt." D'Impfstoffer** funktionéieren awer net all d'nämmlecht.

An deem Kontext wéilt ech d'Madamm Gesondheetsminister gär froen:

1. Wann den Impfstoff vun AstraZeneca bis zu Lëtzebuerg accessibel ass, kréien d'Leit dann d'Méiglechkeet, selwer ze wielen, mat wat fir enger Zort Impfstoff si sech impfe loossen? Wann nee, firwat net? Wa jo, wéi gëtt dat organiséiert?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten